Kommissioun
3. Alter
Gemeng Kiischpelt

**Un d'Membere vun der Kommissioun vum 3. Alter**

*Copie: Gemengerot vun der Gemeng Kiischpelt*
*Secretariat Gemeng Kiischpelt*

**Rapport vun der Komissiouns Versammlung vum**

**15. Mee 2026 (16:15 Auer)**

**Présent:** Sepp Pannrucker, Kaiser-Patz Josée, Lutgen-Lentz Antoinette, Kaiser Yves
**Abscent :** -

**Ordre du jour**

**Punkt 1: Réckbléck op d'Visitt bei der Luxlait an den Dag beim HPPA zu Klierf**

Visitt Luxlait Vitarium an Tricentenaire

D'Visitt vun der Luxlait ass gutt verlaf, mee leider huet een net vill gesinn. D'Mëttigeessen am Vitarium war gutt an d'Visitt vun der Schockelas-Fabréck vum Tricentenaire zu Biissen huet de Léit gutt gefalen.

E flotten Nomëtten am HPPA zu Klierf

De 7. Mee war d'Kommissioun vum 3. Alter op Klierf an den HPPA fir zesummen mat de Bewunner aus eiser Gemeng e flotten Nomëtten ze verbréngen. Ugefaange gouf mat engem gemeinsame Mëttegiessen an duerno gouf zesumme Kaart a Gesellschaftsspiller gespillt. Hei hunn och aner Léit aus dem Gebai sech ugeschloss.

D'Hin- a Réckfaart mam Bummelbus huet ganz gutt geklappt.

Am Oktober gëtt dëst Zesummekomme widderholl, an am November gëtt esou en Treffen beim Monique Buchholz am Altersheem zu Miersch organiséiert, wat hei wunnt.

**Punkt 2: Preparatioun vum Ausfluch op d'Saarschleife**

Den Transport dohinner an zeréck gëtt mat engem Bus organiséiert

- Depart Wëlwerwolz Gare 08:30
- Retour Saarburg 17:00

D'Faart mam Schëff duerch d'Saarschleife fänkt um 11 Auer un an dauert ongeféier 1,5 Stonnen.
Duerno,um 13 Auer, Mëttegiessen am Saarburger Hof
Nomëttes entweder eng Ronnfaart mat engem Guide oder fräie Nomëtten zu Saarburg.

**Punkt 3: Kommend Aktivitéiten**

-Visitt Nationalbibliothéik: De Sepp freet op mir e separate Rendez-vous um 11 Auer kënne kréien fir eng Féierung. (± 1,5 Stonnen)
Mëttegiessen am am Restaurant Belvedere
Trajet mam Ëffentlechen Transport

-Ausfluch op e Chrëschtmaart: geplangt gëtt en Ausfluch op der Chrëschtmaart op Monschau mat eventuell enger Visitt vun der Monschauer Senfmühle
Datum bléift fest ze leeën, Trajet gëtt mat engem Bus gemaach

-Thé-Dansant: Et gouf e provisoreschen Datum fest gehalen fir en Danz-Nomëtten den 22. November 2026 ab 14 Auer am Grousse Sall zu Wëlwerwolz am Centre Communal. Op der App an dem Internet-Site "Danze goen" kann een d'Datumer vun den Thé-Dansanten am Land an och d'Orchesteren gesinn, déi op dësen Eventer spillen. Mir probéieren den Orchester Wa-Ta Touille ze kréien. De Sepp an d'Antoinette këmmere sech drëms

-Ciné Orion a Cube521: Sepp freet op et méiglech ass e Film eraus ze sichen fir dann an enger Seance gespillt ze kréien. À voire wéi e Film.
An de Cube 521 eng Virstellung kucken ze goen. A voire Programm vum Cube
Dëst ass fir 2027.

**Punkt 4: Konferenz Fleegeversécherung**

Den Yves kuckt mat hinnen fir eng Konferenz iwwert d'Fleegeversécherung ze organiséieren. (Spéiden Hierscht/Wanter 2026)

Kommissioun
3. Alter
Gemeng Kiischpelt

**Punkt 5: Verschiddenes**

D'Vëlosequipe plangt fir eng Tour iwwert Housen ze maachen an do déi néi Ausstellung iwwert den 2. Weltkrich kucken ze goen.

9. Juli ass de leschten Kaarte Nomëtten virun der Summerpaus. Hei gëtt virgesinn fir Mëttes ze grillen

Fir den Oflaf vun den Ausflich ze vereinfachen gëtt d'Participatioun vun de Léit, deen si selwer bäileeë mussen, beim Depart am Bus opgehuewen.

De Sepp preparéiert en Artikel vun der Kommissioun fir an de nächste Buet.

**Punkt 6: Datum vun der nächster Reunioun**

Déi nächst Reunioun ass fir den 2. Oktober festgesat.

| Sepp Pannrucker | Yves Kaiser |
|---|---|
| President | Sekretär |